



Groupe parlementaire

N°7592
Entrée le 14.02.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 14.02.2023

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Februar 2023

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Esou wéi et am Artikel "*Ciel Changeant*", deen den 20. Januar am Lëtzebuenger Land publizéiert gouf, heescht, stellen ëmmer méi Fluchgesellschaften hir Annoncen op eng geschlechtsneutral Sprooch ëm. D'Passagéier ginn net méi mat "*Dir Dammen an Dir Hären*" mee just nach als "*Léif Passagéier*" ugeschwat. Och d'Luxair huet hir Annoncé méttlerweil an deem Sënn ofgeännert. Dës Politik spigelt eng Ideologie rëm, déi all natierlech Ënnerscheeder tèschent Mann a Fra negéiert an de Leit ariede wëll, datt déi biologesch Geschlechter eng sozial Konstruktioun duerstellen.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Fro stellen:

- 1) War de Staat als Aktionär vun der Luxair un dëser Decisioun bedeelegt? Gouf si am Verwaltungsrot beschwat oder war dat eng Decisioun vun der Direktioun? Wéi gouf si motivéiert?
- 2) Falls de Staat als Aktionär un där Decisioun bedeelegt war, kann den Här Minister elaboréieren, ob a firwat d'Regierung dëse Verzicht op déi traditionell Uried matgestëmmt huet?
- 3) Wëll d'Regierung am Verwaltungsrot dofir anrieden, datt déi traditionell Uried "Dir Dammen an Dir Hären" op de Luxair-Volen nees ageféiert gëtt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 7592 vum 14. Februar 2023 vum Här Deputéierten Fernand Kartheiser.

Dës Décisioun läit am Beräich vun der deeglecher Gestion vun der Luxair a gouf vun der Direktioun getraff.

D'Regierung ënnerstëtzt dës inklusiv Approche a gesäit keng Gefor vun ideologescher Indoktrinatioun duerch d'Uried "Léif Passagéier" an de Fligere vun der Luxair.

Lëtzebuerg, den 6. Mäerz 2023

De Minister fir Mobilitéit an öffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch